Et ass also net esou, datt et op där enger Plaz géif gemaach an op der Musel erëm géif an d'Luucht geblose ginn.

Wat déi aner Nuisancë betrëfft, déi den Här Strotz hei ugeschwat huet, esou wäerten déi zwee Buergermeeschteren - wann déi Nuisancë bestinn -, déi mat enger Voix consultative am Conseil d'administration vertruede sinn, déi sécherlech ernimmen. Et ass dann un der Gesellschaft, fir ze kucken, wéi wäit dat ka behuewe ginn, respektiv ob déi Aktivitéiten am Mäerterter Hafen nach sollen zougelooss ginn.

Ech hunn elo hei nach eng Fro vum Här Scheuer iwwert d'Verduebelung vun de Schleisen op der Musel an d'Konsequenze fir Lëtzebuerg. Ech hunn eng Etüd an Optrag ginn iwwer engersäits d'Sécherheet vun de bestehende Schleisen an anerersäits iwwert d'Méiglechkeete vun der Verduebelung vun de bestehende Schleisen.

Déi Terraine si jo scho viru Joren opkaf ginn, esou datt et vum Terrain hier méiglech ass. Ech wëll awer d'Chamber drop opmierksam maachen, datt et en Investitiounsprojet gëtt, deen an der Gréissenuerdnung - konservativ geschätzt - vu 5 Milliarde läit. Wann dat soll realiséiert ginn, da musse mir mat engem Projet virun d'Chamber kommen.

Ech hunn am September d'lescht Joer, wéi ech beim Här Gayssot war, bei enger vu menge ville Visitë beim franséischen Transportminister, déi Problematik och ugeschwat. Ech hunn och mengem däitsche Kolleeg, dem Här Klimmt, geschriwwen. Et kann een dat nëmmen an enker Zesummenaarbecht mat Däitschland a Frankräich maachen. Et huet kee Wäert, fir zu Lëtzebuerg ze dédoubléieren, wann op franséischer Säit näischt gemaach gëtt. Déi Fro muss tëschent deenen dräi Länner gekläert ginn. Am Fall, wou dat sech als nëtzlech erweist an Décisioune geholl gi sinn, wäerte mir virun d'Chamber kommen an en deementspriechende Projet presentéieren.

Ech hoffen, Här President, datt ech elo op déi meescht Froe geäntwert hunn. Ech soen der Chamber merci fir déi breet Zoustëmmung zu dësem Projet.

**M. le Président.-** Domat wär d'Diskussioun ofgeschloss. Mir kommen zur Lecture vun den Artikele vum Projet de loi 4483 a stëmmen doriwwer of. Den Text steet am Document parlementaire 4483[2].

*Lecture du texte du projet de loi (par M. Willy Bourg)*

D'Artikelen 1 bis 10 si gelies an ugeholl.

Mir kommen zum Vote iwwert de Projet de loi 4483.

*Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi ass mat 54 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf (par Mme Nelly Stein), Norbert Haupert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Fred Sunnen), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz (par M. Marco Schank), Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf (par M. Jean-Paul Rippinger), Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell (par M. Xavier Bettel), John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Jos Scheuer), Mme Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Ben Fayot), Jeannot Krecké (par M. Alex Bodry), Lucien Lux (par M. Jean Asselborn), Jos Scheuer et Marc Zanussi;*

*MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);*

*M. François Bausch (par Mme Renée Wagener) et Mme Renée Wagener.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

*(Assentiment)*

Et ass esou décidéiert.

Als leschte Punkt op eiser Dagesuerdnung hu mer d'Proposition de loi 4609 vun den Hären Alex Bodry a Mars Di Bartolomeo iwwert d'Rehabilitatioun vun de Fräiwëllegen aus dem spuenesche Biergerkrich.

Esou wéi et am Artikel 59 (3) vum Chamberreglement festgehalen ass, stinn dem Auteur vun der Proposition de loi, der Regierung an de Fraktioune jeweils 10 Minutte Riedezäit zur Verfügung.

Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Rippinger an Di Bartolomeo, d'Mme Wagener an den Här Hoffmann. Den Här Rippinger ass dermat d'accord, dass den Här Di Bartolomeo, deen och Auteur ass vun där Proposition de loi, nom Här Bodry schwätzt.

Fir d'éischt huet den Här Alex Bodry d'Wuert.

## 13. Proposition de loi 4609 de MM. Alex Bodry et Mars Di Bartolomeo relative à la réhabilitation des volontaires de l'Espagne républicaine

**M. Alex Bodry** *(LSAP), auteur.-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e puer Wuert zu der Propositioun, déi ech, wéi Der richteg ervirgehuewen hutt, zesumme mat mengem Fraktiounskolleeg Mars Di Bartolomeo hei am Dezember an der Chamber deponéiert hunn.

Et ass e Sujet, deen d'Chamber schonn an der Vergaangenheet, an der leschter Regierungsperiod, beschäf-

tegt huet, ënner anerem am Juli 1998 iwwert de Wee vun enger Question avec débat, wou sengerzäit och de Premier Jean-Claude Juncker am Numm vun der Regierung Stellung geholl hat zu där Problematik do.

An eisen Ae geet et ganz einfach drëm, fir eng gewëssen Ongerechtegkeet erëm guttzemaachen an deene Leit, déi sech am Spueniekrich op der Säit vun de republikaneschen Truppen engagéiert a sech domadder fir Fräiheet, fir Demokratie a géint Faschismus agesat hunn, endlech eng offiziell Unerkennung zoukommen ze loossen. Et ass bedauerlech, dass Jorzéngten hu misse vergoen, ier de Versuch gemaach ginn ass, déi doten Episod an eiser Geschicht un d'Liicht ze brëngen an ze verhënneren, dass se an de Vergiess hei zu Lëtzebuerg géif verfalen.

Iwwer 100 Leit, déi hei zu Lëtzebuerg gelieft hunn, hu sech an den internationale Brigaden a Spuenien engagéiert an de Joren 1936, 1937 an 1938. Dräi vun hinne liewen nach haut, an et gëtt Zäit, dass do eng offiziell Unerkennung kënnt. An eisen Ae muss déi offiziell Unerkennung iwwert de Gesetzeswee kommen, wou mer wëllen eng Assimilatioun vun deene Leit erbäiféiere mat de Resistenzler.

Firwat musse mer eng Gesetzespropos hei areechen? Éischtens emol, well op Grond vun der Interpretatioun vun de bestehenden Texter, haaptsächlech dem Gesetz vun 1967, d'Resistenz sech offiziell nëmme beschränkt op d'Period vun 1940 bis 1945, a méi genau vum 10. Mee 1940 un. Et gëtt Beispiller vun Diskussiounen an deene leschte Jorzéngten, wou sech schonn an anere Fäll d'Fro gestallt huet, awéiwäit ee kann eng offiziell Unerkennung maachen au titre vun der Resistenz fir Leit, déi virun deem 10. Mee schonn Akte vu Resistenz gesat hunn.

Bis elo war besonnesch de Conseil national de la Résistance ganz retizent, fir op deen dote Wee matzegoen. Ech hunn a mengem Dossier hei eng Korrespondenz, déi de Statsminister Werner nach gefouert huet mam Conseil national de la Résistance. Sengerzäit ass et ëm eng posthum Unerkennung gaange vun deenen Häre Fisch a Simon, déi dëse Conseil refuséiert huet, mam Argument, dass déi Leit vläicht Courage bewisen hätten, mä dass d'Resistenz, an hiren Aen, eréischt ufänkt mam Dag vum 10. Mee 1940.

Dat ass eng Vue, déi, ënner anerem, och ëmmer vun den "anciens combattants" contestéiert ginn ass. Leit, déi dat e bëssche méi genau verfollegt hunn, wëssen och, dass ulässlech der Aweiung vum nationale Resistenzmusée zu Esch déi dote Fro och erëm eng Kéier zu enger gewëssener Polemik gefouert huet. Mir mengen, dass déi Formfro net däerf dat Wichtegst duerstellen, mä dass et hei drëm geet, eng offiziell, eng moralesch Unerkennung vun där Handlungsweis vun deene Leit ze kréien. Dofir musse mer derzou iwwergoen, d'Gesetz ze änneren.

Mir si forcéiert, iwwert de Wee vun enger Proposition de loi ze goen, well elo zënter zwee Joer vu Regierungssäit - dat gëllt souwuel fir déi al wéi och elo fir déi nei Regierung - keng Initiativ an deem ganze Beräich komm ass, ausser dass eng konsultativ Phas ugelaf war. De Conseil national de la Résistance ass mat engem Avis beoptraagt ginn, an hir Äntwert war esou, wéi ee se sech konnt erwaarden: De Conseil huet sech op d'Texter beruff, déi 1940 bis 1945 als Period festhalen, an alles, wat virdru war, zielt net.

Déi Vuen do sinn allerdéngs contestéiert. Si waren et scho vum Pierre Werner. Ech wëll hei aus engem Bréif zitéieren, deen hie schonn 1985 an engem anere Kontext geriicht hat un den Här Raths, deemolege Generalsekretär vum Conseil national de la Résistance: "Je conviens que les renseignements dont je dispose se rapportent à des faits qui se sont produits avant l'occupation ou au jour même de celle-ci, circonstance qui n'enlève rien au mérite de ceux qui ont eu le courage de ces actes. Il est vrai que la politique officielle de neutralité poursuivie par le Luxembourg avant le 10 mai 1940 n'autorisait pas le Gouvernement à encourager ouvertement des activités qui constituaient en fait des actes de résistance au nazisme. Mais cette appréciation officielle d'avant le 10 mai 1940 n'est plus celle d'après le 10 mai, ni a fortiori celle d'après 1945."

Et ass also ganz kloer, datt een déi Evenementer muss mat den heitegen Ae ganz anescht kucken, an net méi mat den Ae vun den 30er a 40er Joren. Et muss een do ganz kloer gesinn, wat de Mérite an den Asaz vun deene Leit war, an dofir brauche se och eng offiziell Unerkennung.

Ech wëll an deem Zesummenhang och nach en zweet a lescht Zitat uféieren, an zwar déi Aussoen, déi de Statsminister Juncker hei op der Tribün vun der Chamber gemaach huet, wou hien och ganz kloer ze bedenke ginn huet, dass déi Leit, déi sech op der Säit vun de Republikaner am Spueniekrich engagéiert haten, zur Famill vun de Resistenzler gehéieren. Si waren "des résistants de la première heure".

Dofir, mengen ech, musse mer elo, nieft deene schéine Rieden och Akte setzen, an déi wëlle mer setzen iwwert déi gesetzlech, moralesch a materiell Unerkennung vun deene Leit fir hiren Engagement fir d'Fräiheet an d'Dignitéit. Hiren Engagement - dat ass vläicht en Tort an den Ae vu verschiddene Leit - war net un eng national Cause gebonnen, mä hat en internationale Charakter. Dat ass, fir eis op jidde Fall, kee Grond, fir deene Leit den Titel vu Resistenzler net zouzeerkennen.

Et ass an deem Sënn, wou mer dësen Text abruecht hunn, deen an dräi Artikelen opgedeelt ass. Fir d'éischt gëtt am Artikel 1 d'Gesetz vum 10. Abrëll 1937 ofgeschaaft, dat Gesetz, dat deemools d'Lëtzebuerger Regierung an och aner Regierunge geholl hunn, fir ze verhënneren, dass Lëtzebuerger oder Leit, déi hei wunnen, sech kënnen um Spueniekrich bedeelegen, respektiv datt och souguer den Transit iwwer Lëtzebuerg verbuede war fir déi Leit, déi sech wollten um Spueniekrich bedeelegen.

Am Artikel 2 gi mer hinn a soen, dass déi Leit, déi sech zënter 1936 an 1939 op der Säit vun de republikaneschen Truppen engagéiert hunn am Spueniekrich, assimiléiert sinn zu de Resistenzler, déi vun 1940 bis 1945 en

Acte de résistance gesat hunn. Si ginn also assimiléiert dem Champ d'application vum Gesetz vum 25. Februar 1967. Den Artikel 3 preziséiert, dass se d'Urecht hunn op déiselwecht moralesch a materiell Rechter, déi dat Gesetz vun 1967 anere Leit zoukomme léisst.

Dat ass den Text vun eiser Proposition de loi, an ech géif mer wierklech wënschen, dass e géif op eng breet Zoustëmmung hei am Parlament stoussen. Merci.

**M. le Président.-** Den Här Mars Di Bartolomeo, och Auteur vun dëser Proposition de loi, huet d'Wuert.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP), auteur.-* Merci, Här President, a merci och dem Jean-Paul Rippinger, dass hie mer d'Geleeënheet ginn huet, fir direkt nom Här Bodry ze schwätzen. Ech wäert an engems och d'Positioun vun eiser Fraktioun zu dëser Proposition de loi virstellen.

Firwat elo, 60 Joer, nodeem déi Evenementer geschitt sinn? Déi Fro kann ee sech stellen. Eng vun de méiglechen Äntwerten, déi ee ka ginn, ass: Grad elo, well mer de Mëtteg eng Diskussioun gefouert hunn, déi gewisen huet, wéi wäit et ka kommen, wann een net reagéiert. Eng weider Äntwert op déi Fro: Et sinn iwwer 100 Fräiwëlleger op der Säit vun de Republikaner an de Spueniekrich gezunn. Et liewen der haut nach just dräi. Déi aner sinn alleguer an der Tëschenzäit gestuerwen, entweder am Spueniekrich selwer, an der Persécutioun, déi nom Spueniekrich hei ugaangen ass, wéi se heem komm sinn, oder nom Krich.

Firwat sinn déi Leit a Vergiess geroden, wou dach all d'Parteien, déi an dësem Parlament vertruede sinn - dat huet 1997 gewisen -, der Meenung waren, dass et effektiv Resistenzler vun der éischter Stonn sinn? Zu de Signatairen, den Auteure vun dëser Proposition de loi, zielen ech net nëmmen den Alex Bodry a mech selwer, mä alleguer déi Kolleegen hei aus der Chamber, déi 1996 an 1997 derbäi waren, wéi mer d'Initiativ geholl hunn, fir d'Spueniekämpfer vu Lëtzebuerg aus dem Vergiess ze huelen. Et waren der effektiv vun alle Bänken: de Chamberpresident huet derzou gehéiert, eise Premier, eminent Vertrieder vun der liberaler Partei, ënner anerem den Emile Krieps, deen ee vun den éischte war, dee sech solidaresch erkläert huet, den Henri Grethen, et j'en passe. Déi gréng Fraktioun hat sech associéiert, an och d'LSAP-Fraktioun, duerch eng ganz Rei vun hire Memberen.

Firwat trotzdem déi Proposition de loi? Firwat huet et trotzdem esou laang gedauert, ier eppes geschitt ass? 1997, wéi mer d'Initiativ geholl hunn, fir an enger Konferenz iwwert déi Evenementer ze berichten, ass no der Konferenz ee vun den Iwwerliewenden opgestanen, den Albert Santer, deen och haut nach lieft, an huet gesot: Et ass alles schéin a gutt, dass Der haut Konferenze maacht, mä firwat hutt Der eis vergiess?

Vergiess si se vläicht ginn, well et der esou wéineg waren. 107 sinn der zwar proportionell gesi vill, mä et sinn der relativ wéineg, fir eng effikass Lobby ze ginn. Dofir huet et wahrscheinlech esou laang gedauert, bis se hir Stëmm konnten erhiewen.

No alle Solidaritéitserklärungen, déi mer kritt hunn, war jidfereen d'accord, dass eppes misst geschéien. Et ass souguer sou wäit gaangen, dass déi viregt Regierung gesot huet, si kéinten eng héich Dekoratioun kréien. Meng Fro un Iech alleguer: Wann een eng héich Dekoratioun verdéngt, da verdéngt een och d'Unerkennung vum Statut vum Resistenzler, oder net? Soss verdéngt een och keng héich Dekoratioun.

Mir hu gemengt, dass et noutwendeg wär, op Grond vun all deenen Zousoen an deem Stëllstand, deen duerch déi Zousoen entstanen ass, ze reagéieren, fir dass déi dräi, déi am Moment nach um Liewe sinn, déi Unerkennung nach kéinten erliewen. Hei geet et net drëm, fir Millioun-enzommen auszeginn. Hei geet et haaptsächlech ëm eng moralesch Unerkennung.

Dass mir mat där Fuerderung net eleng do stinn, weist d'Reaktioun vun Nopeschlänner, vu Länner, déi an der Communautéit impliquéiert sinn. Spuenien huet zum Beispill de fréiere Brigardisten hir Nationalitéit ugebueden. Dat heescht, e Brigardiste kritt, wann en dat wëllt, déi spuenesch Nationalitéit. Eist Nopeschland Frankräich huet de Brigardisten de Statut vum "ancien combattant" zougeséchert. Mir hunn net dee Statut vum "ancien combattant", mä wa mer dat eescht mengen, dass de Faschismus, dass Rietsextremismus eis Resistenz verdingt, da musse mer och deen heiten Akt unerkennen an däerfen déi Leit net bestrofen, well se ze fréi an hirer Aktioun géint de Faschismus, géint d'Nazitum waren. Dofir géif ech mir wënschen, dass vun dëser Chamber aus e Signal ausgeet, fir deene Leit Gerechtegkeet ze doen, deene meeschte posthum, mä wann ech glift mat Zäit, dass déi puer, déi nach um Liewe sinn, dat nach materliewen.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** Den Här Jean-Paul Rippinger huet d'Wuert.

*Discussion*

**M. Jean-Paul Rippinger** *(DP).-* Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, am Numm vu menger Fraktioun e puer Wuert zur Proposition de loi, der Gemeinschaftsaarbecht vun den Hären Di Bartolomeo a Bodry iwwer d'Réhabilitatioun vun de Volontairen am spuenesche Biergerkrich, ze soen.

An dëser Proposition de loi gëtt, wéi ech mengen, zu Recht e Kapital aus eiser Lëtzebuerger Geschicht erëm opgeklappt, wat fir muncher scho bal an de Vergiess gerode war. Mir dierfen dat awer op kee Fall maachen, a schonns guer net an dëser Zäit, wou mir op en Neits mat xenophobem, rassisteschem a rietsextremem Gedankegutt, och bei eis an Europa, konfrontéiert ginn. De Mérite vun dëser Proposition de loi ass, dass si eis drun erënnert, dass et och an den 30er Joren, am leschte Jorhonnert, Leit zu Lëtzebuerg goufen, déi sech net ze schued waren, fir d'Fräiheet a géint de Faschismus an Europa, och op friemem Territoire, ze kämpfen an hiert Liewen ze riskéieren. Dat war net esou selbstverständlech an engem Europa, dat vun den Nationalismen a ville Länner duerchenee gerëselt ginn ass, an engem Europa, dat ënner anerem no

enger schlëmmer Wirtschaftskris an engem nach méi schlëmmen éischte Weltkrich den Nährbuedem fir de Faschismus an Däitschland, Italien an eben och a Spuenien geliwwert huet.

Mir wëssen alleguer, dass dës Entwécklungen net spuerlos u Lëtzebuerg laanscht gaange sinn. Ech erënneren un d'Maulkuerfgesetz. Ech erënneren un den Iwwerfall vun den Nazidäitschen an un d'Greueltate vum Occupant, déi vill Misère iwwer eist Land bruecht hunn.

De Widderstand géint den Occupant, géint de Faschismus, war hei am Land grouss an huet vun eise Familljen déi gréissten Affer gefuerdert. Och d'Spueniekämpfer, déi an dëser Proposition de loi vun den Häre Bodry an Di Bartolomeo viséiert sinn, haten ënnert der däitscher Gestapo weider ze leiden, well dës d'Lëschte mat hiren Nimm derzou benotzt hunn, fir si ausfindeg ze maachen. D'Spueniekämpfer ware souzesoen déi éischt Kämpfer géint de Faschismus, mä hire Rôle ass als solchen ni richteg gewierdegt ginn. Au contraire, d'Gesetz vum 10. Abrëll 1937, dat an dëser Proposition de loi soll duerch den 1. Artikel abrogéiert ginn, huet et am Prinzip de Lëtzebuerger an den auslännesche Résidenten net erlaabt, am Biergerkrich matzemëschen, dat well d'Regierung deemools d'Lëtzebuerger Neutralitéit wollt garantéieren.

Haut, 63 Joer méi spéit, wësse mir, dass d'Lëtzebuerger, déi fir d'Fräiheet an d'Demokratie a géint de Faschismus a Spuenien gekämpft hunn, en nobelt Zil verfollegt hunn an de Respekt vun deem, wat mir haut déi allgemeng Mënscherechter nennen, als méi wichteg bewäert hu wéi d'Gesetz vum 10. Abrëll 1937.

Ech fannen et dofir richteg, wann een higeet a seet, d'Gesetz vun 1937 soll nodréiglech abrogéiert ginn, fir de Spueniekämpfer ze weisen, dass mir haut net der Meenung sinn, dass si deemools e Gesetz violéiert hunn, mä dass mir haut der Meenung sinn, dass hire Kampf deemools géint de Faschismus a fir d'Fräiheet an Demokratie eisen déiwe Respekt verdéngt.

Den Artikel 2 vun der Proposition de loi gesäit vir, de Spueniekämpfer den Titel vum Résistant ze ginn, genau esou wéi d'Gesetz vum 25. Februar 1967 dat fir déi Leit gemaach huet, déi tëschent 1940 an 1945 "un acte qualifié de résistance à l'ennemi" gemaach hunn.

Den Artikel 3 gesäit vir, de Spueniekämpfer op Grond vum Artikel 2 déiselwecht moralesch a materiell Rechter ze gi wéi déi, déi d'Gesetz de Resistenzler gëtt. Ech mengen allerdéngs hei, dass mer mussen oppassen, dass mir net zwou Saache matenee vermëschen, d'Resistenz géint de Faschismus an d'Resistenz géint den Nazioccupant.

D'Demokratesch Partei ass net der Meenung, dass d'Gesetz vun 1967 sech géif dofir eegnen, eng Confusioun tëschent de Spueniekämpfer an der Resistenz am Zweete Weltkrich ze maachen. D'Gesetz vun 1967 bezitt sech op eng ganz konkret Situatioun, déi zäitlech limitéiert ass an och ganz genau definéiert, wat ënner Resistenz am Zweete Weltkrich ze verstoen ass. Doru wëlle mir net rüttele goen, dat ëmsou méi, well, wéi ech gesot hunn, en Ënnerscheed besteet tëschent dem Kampf géint de Faschismus an der Resistenz géint den Occupant. Aus dësem Grond kann d'DP d'Artikelen 2 an 3 vun där Proposition de loi net guttheeschen.

An dësem Zesummenhank wëll ech trotzdem nach emol betounen, dass d'Demokratesch Partei, déi jo och selwer eng Geschicht huet, déi hir Ufänk och an der Resistenz hat, an zwar deemools ënnert dem Numm "Groupement patriotique et démocratique", e fervente Bekämpfer vum Faschismus, dem Rassismus, dem Rietsextremismus an der Xénophobie ass a bleift.

Jidfereen, dee sech un dëser Lutte an der Vergaangenheet bedeelegt huet, jidfereen, dee sech haut un dëser Lutte bedeelegt, verdéngt eisen déiwe Respekt an eis gréissten Unerkennung.

Ech soen Iech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet d'Mme Renée Wagener.

**Mme Renée Wagener** *(DÉI GRÉNG).-* Här President, ech wëll heimat mäi Kolleeg Robert Garcia entschëllegen, deen am Ausland ass, an a senger Plaz déi Ried virdroen, déi hie preparéiert hat.

Dëst ass eng Proposition de loi, déi mat enger historescher Altlast en Enn mécht, déi souwuel eisem Land wéi och den europäeschen Demokratien am allgemengen net zur Éier gereecht huet.

Net nëmmen am Kontext vum sougenannte spuenesche Biergerkrich, deen éischter e Putsch vum faschistesche Militär géint eng demokratesch gewielte Regierung war wéi e Biergerkrich am eigentleche Sënn, mä bis zu de Münchner Accoren hu sech déi traditionell westlech Demokratië lamentabel vis-à-vis vun dem Triumphmarsch vum Faschismus verhalen.

Amplaz vu virera konsequent an aktiv déi schonn deemools als geféierlech ausgewisen Ideologie an hir Diktaturen ze bekämpfen, hu sech zauderlech biergerlech - Kräften hannert eng sougenannt Neutralitéit verschanzt. Deemools huet hinnen de Faschismus als geréngert Iwwel géint déi anti-kapitalistesch Kräfte vum Sozialismus a vum Kommunismus geschéngt. Dat sollt sech als fatalen Iertum erweisen.

Déi éischt Leidtragend vun deem Iertum waren déi demokratesch legitiméiert Kräften a Spuenien, an och am selwechte Mooss d'Bevölkerung, déi schrecklech huet missen ënnert dem Hitler senger Generalprouf fir spéider Feldzich a Massakere leiden. Leidtragend an den europäeschen Demokratië waren déi dausende vun idealistesche Fräiwëllegen op der Säit vun der spuenescher Demokratie, dräifach leidtragend.

Eischtens hu si sech ouni militäresch Formatioun als Kanounefudder enger professioneller Arméi vum Generol Franco misse stellen, géint déi si vu virera keng Chance haten.

Zweetens si si oft selwer an d'Kräizfeier vun ideologeschen an taktesche Gruefkämpf tëschent progressive Kräften a Spuenien komm, déi sech leider oft méi ënner-

tenee bekämpft hunn, wéi zesumme géint den iwwermächtege Géigner virzegoen.

Drëttens si se schliesslech op eng schändlech Manéier vun den eegene Regierungen am Stach gelooss ginn.

Méi wéi 60 Joer duerno hunn och d'Ierwe vun deene Kräften, déi deemools responsabel fir déi Messerstéch an de Réck vun oprechten Demokrate waren, agesinn, dass déi Haltung vun deemools e graven Iertum war. Notamment huet dem Premier Jean-Claude Juncker seng souverän Haltung an där quokeleger historescher Matière dozou bäigedroen, dass et zu méi enger objektiver Diskussioun an och zu dëser Proposition de loi konnt kommen.

Et ass selbstverständlech, dass mir Gréng dës Diddelenger Habilitatiounspropositioun mat béiden Hänn ënnerstëtze kënnen. Si ass de logesche Point final ënnert eng konsequent historesch Opschaffung vun den deemolegen Ereegnisser, déi virun allem am Kader vum Centre de Documentation sur les Migrations humaines zu Diddeleng initiéiert ginn ass. Mir weisen entre autres op déi pertinent Publicatioun vun dem Centre ënnert der Fieder vum Historiker Henri Wehenkel hin.

Mir begréissen dës Proposition de loi an ënnerstëtzen, dass se esou schnell wéi méiglech an der zoustänneger Kommissioun behandelt gëtt an dann am Plenum kann ofgestëmmt ginn.

Bei där Geleeënheet wär et dann awer ganz nëtzlech, en Débat kënnen ze féieren iwwert déi Léieren, déi ee kann aus den Ereegnisser vun 1936 bis 1939 zéien, besonnesch wat e preventiivt an effikasst Agéiere vun allen demokratesche Kräfte géint éischt Virbote vum Faschismus ugeet.

Merci.

**M. le Président.**- Den Här Bodry huet d'Wuert.

**M. Alex Bodry** *(LSAP)*.- Här President, ech hunn d'Wuert gefrot, fir Iech ganz kuerz ze soen, dass den Här Hoffmann mer matgedeelt huet, dass e leider net kéint hei bleiwen; e wär awer mam Text vun der Proposition de loi d'accord.

Ech wollt nach agoen op dat, wat den Här Rippinger am Numm vun der demokratescher Fraktioun hei gesot huet.

Ech wollt drop opmierksam maachen - mir kréie wahrscheinlech nach d'Geleeënheet fir dat ze diskutéieren -, dass mer hei net op de Wee gaange sinn, fir eng Ofännerung vum Gesetz vun 1967 ze maachen. Mir sinn en anere Wee gaangen, radikal, well mer déi prinzipiell Bedenke kennen, an hunn eng Assimilatioun gemaach. Dat ass schonn eng Nuance. Iwwert deen do Wee gëtt de Champ d'application vun eenzelne Bestëmmunge vum Gesetz ausgedeent op en anere klenge Grupp vu Leit, mä mir ginn net dohinner an änneren Gesetz vun 1967 an d'Definitioun, déi d'Gesetz vun 1967 vum Acte de résistance ginn huet. Dat ass schonn eng Nuance, déi am Text dran ass, an ech géif mer wënschen, dass dat géif berücksichtegt ginn an deenen Diskussiounen, déi mer nach wäerte kréien.

**M. le Président.**- Dat do ass op alle Fall eng Iwwerleeung wäert, well dat sinn d'Widderstänn vun der éischter Stonn gewiescht. Et soll ee wierklech Iwwerleeunge féieren, wéi een déi Leit kéint rehabilitéieren.

**M. Alex Bodry** *(LSAP)*.- Merci, Här President.

**M. le Président.**- Domat ass eisen Ordre du jour ofgeschloss. Déi nächst Sëtzung wäert Mëtt Mäerz sinn. Dir kritt deen entspriechenden Ordre du jour zougestallt. Ech wënschen Iech nach e schéinen Owend.

D'Sitzung as opgehuewen.

*(Fin de la séance publique à 18.58 heures)*

---

# 20e séance

## Mardi 14 mars 2000

*Présidence*

*M. Jean Spautz, Président*

*Ordre du jour*

1. Allocution de M. Jean Spautz, Président de la Chambre des Députés, au sujet de la Journée internationale de la Femme
2. Communications
3. Ordre du jour
4. Dépôt d'une proposition de loi et d'un projet de loi
5. Déclaration du Gouvernement sur la politique étrangère

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mme Lydie Polfer, Vice-Premier Ministre; MM. Luc Frieden, Henri Grethen, Charles Goerens et François Biltgen, Ministres; M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat.

*(Début de la séance publique à 15.01 heures)*